13	4/0340/2241/028	Acquisition d'équipement personnel: 7 uniformes du type existant	8.000 €	C
14	4/0340/2241/029	Remplacement conteneur abritant le matériel d'intervention	100.000 €	C
	4/0420	Enseignement préscolaire et primaire		
15	4/0420/2133/013	Système de triage des ordures pour salles de classe	20.000 €	C
	4/0631	Crèches		
16	4/0631/2001/001	Etude pour extension de la crèche	10.000 €	C
	4/0643	CIPA Résidence du Parc		
17	4/0643/2001/007	Soutien au personnel communal du «CIPA-résidence du parc» lors de la phase transitoire du «déménagement»	15.000 €	C
18	4/0643/2123/030	Conversion saisie de données UCM moyennant système électronique	325,31 €	CS (2011)
	4/0650	Aides aux sinistrés		
19	4/0650/2163/010	Etude pour mesures anti-crues d'enlèvement de sédiments et réaménagement place Eyschen	40.000 €	C
20	4/0650/2163/011	Enlèvement de sédiments en aval du pont routier - mesures anti-crues	130.000 €	C
21	4/0650/2163/012	Remise en état du mur anti-crue le long de la promenade de la Sûre	25.000 €	C
22	4/0650/2241/002	Acquisition de défibrillateurs semi-automatiques	10.000 €	C
	4/0710 Logements			
23	4/0710/2123/001	Thermographie	2.500 €	C
	4/0720 Urbanisation et développement rural			
24	4/0720/2001/002	Etude pour adaptation PAG (loi 2004)	48.960,50 €	CS
25	4/0720/2001/014	Elaboration d'une étude pour la rénovation/amélioration de la zone piétonne et du centre-ville	50.000 €	C
26	4/0720/2133/014	Mise en place de panneaux d'information sur la Kluuster et aux quatre entrées de Diekirch	250.000 €	C
27	4/0720/2133/015	Mise en place d'un système de barrières sur la Kluuster	72.000 €	C
28	4/0720/2133/016	Acquisition/remplacement de poubelles	87.500 €	C
29	4/0720/2133/017	Installation d'un auvent au parc municipal	75.000 €	C
30	4/0720/2163/015	Réaménagement du parc municipal	162,23 €	CS
31	4/0720/2163/017	Aire de stockage gazon, raccord canalisation et dalles étanche près de l'atelier du stade	20.000 € (2011) +70.000 € (2012)	CS
32	4/0720/2163/020	Etang Kräizwee: curage et réglage du fond de l'étang	8.952 €	CS
33	4/0720/2163/023	Zones récréatives: taille et démontage d'arbres	45.549,87 €	C
34	4/0720/2163/024	Viabilisation du plateau Fridhaff ZANO	30.000 €	C
35	4/0720/2163/025	Plantation d'arbres: Kluuster/zones récréatives	10.000 €	C

36	4/0720/2241/002	Stade municipal: remplacement du tracteur simplicity	17.100 €	C
4/0732 Cimetières				
37	4/0732/2123/001	Travaux de redressement au cimetière	25.000 €	C
38	4/0732/2123/009	Remplacement toiture vieille chapelle	13.500 €	CS
4/0733 Canalisations et station d'épuration				
39	4/0733/2470/001	Participation dans les frais de la STEP du SIDEN (apport en capital)	791.245,80 €	C
4/0814 Musées				
40	4/0814/2123/005	Aménagement immeubles rue du Curé en Musée d'Histoire(s)	261.977,49 € (2011) +400.000 € (2012)	CS (2011 +2012)
41	4/0814/2123/011	Muséographie du Musée d'Histoire(s)	82.866,14 €	CS (2011)
4/0822 Cours de musique				
42	4/0822/2123/012	CMN Site Diekirch: Aménagement salles de cours MATCH	5.000 €	CS
4/0832 Terrains des sports				
43	4/0832/2133/001	Jonction piétonne terrain de foot - accès piscine et réfection escalier parking rue Merten	90,28 €	CS
44	4/0832/2163/018	Terrain de football synthétique	50.000 €	C
45	4/0832/2241/001	Conteneur pour l'arrivée de la piste d'athlétisme	50.000 €	C
4/0833 Halls sportifs				
46	4/0833/2123/007	Remise en peinture de la façade du hall des sports et de la construction auto-portante de la toiture de la piscine	50.000 €	C
4/0834 Piscine				
47	4/0834/2123/004	Remplacement du système de filtration	28.802,99 €	CS (2011)
48	4/0834/2123/007	Remplacement des vestiaires individuels	40.000 €	C
4/0836 Campings communaux				
49	4/0836/2123/002	Camping de la Sûre: Système pour réduction consommation d'eau	39.750 €	C
4/0840 Antenne collective				
50	4/0840/2231/001	Achat d'un fourgon du service de l'antenne collective	35.000 €	C
4/0850 Culte				
51	4/0850/2123/004	Vieille Eglise: Remise en état de la toiture	107.000 €	CS
52	4/0850/2123/006	Eglise décanale: Réaménagement intérieur	916.017,55 €	C
53	4/0850/2123/007	Eglise décanale: Part communale nouvel orgue	100.000 €	C
4/0910 Gaz				
54	4/0910/2143/006	Confection de tranchées pour pose des conduites à gaz naturel svt. plan quinquennal Ville de Diekirch-Luxgaz (3e phase 2005)	58.781,90 €	CS (2011)
4/0920 Electricité et autres formes d'énergie				
55	4/0920/2143/059	Installation poste de transformation 20kv/400V - «îlot Juttel/ Korzilius». Confection tranchées + pose câbles MT	175.000 €	C

56	4/0920/2143/060	Mise en conformité des installations électriques moyenne tension de différents postes de transformation	200.000 €	C
57	4/0920/2143/061	Construction d'un nouveau poste de transformation de 20kV/400V dans l'avenue de la Gare «Hôtel du Midi»	25.000 €	C
58	4/0920/2143/062	Remplacement de l'éclairage public dans la rue Jean l'Aveugle par un éclairage LED	25.000 €	C
59	4/0920/2143/063	Mise en place d'un éclairage en LED ancienne voie ferrée «an der Laach»	20.000 €	C
60	4/0920/2143/064	Mise en place de réseaux d'infrastructures dans l'avenue de la Gare	75.000 €	C
	4/0921	Cogénération		
61	4/0921/2143/008	Construction d'une nouvelle centrale énergétique	723.200,52 €	C
	4/1030	Domaine forestier		
62	4/1030/2123/001	Travaux de couverture et de ferblanterie «Chalets Hooldaer»	30.000 €	C
	4/1012	Agriculture		
63	4/1012/2133/004	Chemin «Bedigen»	70.000 €	C
	4/1140	Commerce et artisanat		
64	4/1140/2001/002	Marketing/promotion «Diekirch 2012»	50.000 €	C
	4/1212	Infrastructure routière vicinale		
65	4/1212/2133/029	Zone piétonne: bornes escamotables électriques	22.193,74 €	CS
66	4/1212/2133/044	Réaménagement de la route de Larochette et la rue Merten & rond-point	70.000 €	CS
67	4/1212/2133/048	Entretien et réfection du pont haubané «Ficelle's Bréck»	100.000 €	C
68	4/1212/2133/049	Equipped des parcmètres par cartes bancaires	40.250 €	C
69	4/1212/2133/051	Redressement CR351 trottoir part commune Diekirch carrefour rue Haemerich, rue Cimetière	129.000 €	C
70	4/1212/2133/052	Redressement CR351 trottoir part commune rue des Fleurs/rue de l'Hôpital	97.000 €	C
71	4/1212/2133/053	Assainissement infrastructures souterraines am Floss/rue Cimetière phase I/1ère étape	463.853 €	C
	4/1390	Dépenses diverses		
72	4/1390/2470/001	Participation aux frais de marketing ou autres dépenses spécifiques dans le contexte de la Nordstad	94.800 €	C
73	4/1390/2470/002	Participation aux frais de traitement du project manager	12.065,80 €	C
74	4/1390/2470/003	Participation aux frais du projet eMOVIN	51.836,18 €	C
75	4/1390/2470/005	Participation aux frais de fonctionnement du syndicat intercommunal «ZANO»	40.000 €	C

* C = crédit spécial + CS = crédit spécial supplémentaire

15. BUDGET RECTIFIÉ 2011 ET BUDGET 2012

Le Conseil communal a approuvé par 12 voix contre 1 (fraction Déi Gréng) le budget rectifié 2011:

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	38.328.846,63 €	8.064.202,21 €
Total des dépenses	32.348.140,07 €	17.830.495,66 €
Boni propre à l'exercice	5.980.706,56 €	-
Mali propre à l'exercice	-	-9.766.293,45 €
Boni du compte 2010	6.386.093,30 €	-
Boni général	12.366.800,46 €	-
Mali général	-	-9.766.293,45 €
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-9.766.293,45 €	+9.766.293,45 €
Boni présumé fin 2011	2.600.507,01 €	-

Le Conseil communal a approuvé par 11 voix contre 2 (fraction DP) le Budget 2012:

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	38.249.481,46 €	13.553.579,00 €
Total des dépenses	33.701.497,23 €	18.709.785,91 €
Boni propre à l'exercice	4.547.984,23 €	-
Mali propre à l'exercice	-	-5.156.206,91 €
Boni présumé fin 2011	2.600.507,01 €	-
Boni général	7.148.491,24 €	-
Mali général	-	-5.156.206,91 €
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-5.156.206,91 €	+5.156.206,91 €
Boni fin 2012	1.992.284,33 €	-

16. DIVERS**Service de proximité**

Une assistance à domicile pour personnes à partir de 60 ans et / ou personnes dépendantes

Notre équipe se déplace à votre domicile sur rendez-vous pour **les petits travaux dans et autour de la maison** (travaux de jardinage, de bricolage, petites rénovations, etc.).

Nachbarschaftsdienst

Eine Hilfsleistung für Personen ab 60 Jahren und / oder hilfsbedürftige Menschen

Unser Team steht Ihnen zur Verfügung, **um kleinere Arbeiten im oder ums Haus zu erledigen** (Garten-, Instandsetzungs-, Ausbesserungsarbeiten usw.).

Pour plus d'informations / Für weitere Informationen: CIGR Nordstad

27, rue Jean l'Aveugle – L-9208 Diekirch

Tél.: (+352) 26 80 33 76 – Fax: (+352) 26 80 33 75 – nordstad@cig.lu – nordstad.cig.lu

STELLUNGNAM VUN DER CSV ZU DER SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG

Här Buergermeeschter,

Erlaabt mir fir d'éischt e puer allgemeng Remarquen ze maachen zu där Erklärung déi Dir an där letzter Sitzung, de 16. Dezember, hei virgedroen hutt, är ech e bësse méi am Detail op deen een oder anere Punkt aginn fir mat deenen Themen ofzeschleissen, déi mir an ärer Schäfferotserklärung vermësst hunn.

A) GÉNÉRALITÉS

Wann ee bedenkt, dass dir virun de Wahlen ee Sofortmaßnahmenkatalog vun iwwert 100 Punkten ugekënnigt a versprach hat, da muss ee leider feststellen, dass är Schäfferotserklärung net hält, wat dir de Wieler versprach hat.

Dir hutt an ärer Schäfferotserklärung 44 prioritär Projeten opgezielt. Vun deene 44 Projete sinn der 30, also ronn zwee Drëttel, Projeten déi am Lafe sinn oder Aarbichten, déi ganz einfach zu den normalen an aldeeglichen Verwaltungsaufgabe vun deene Membere vum Gemengerot gehéieren, déi d'Verantwortung am Schäfferot iwwerholl hunn. Wann zum Beispill de Legislatuer virschreift, dass de Bebauungsplang virum 8. August 2013 muss erneiert ginn, da kann een dat weder als politisch Optioun nach als gestalterisch Initiativ betruachten, wann di kommunal Verantwortlich an der Schäfferotserklärung ukënnigen, eng Mise à jour vum PAG an deem dozou passende Bauterreglement wëllen op de Leescht ze huelen. Et ass verständlich a sécher legitime, wann dir als Majoritéit eech net gäre vun anere Leit virschreiw loost, wat dir ze maachen hutt a wat net, mee, dir hutt a verschidden Dossierien net de Choix: Dir musst an Zesummenaarbicht mat allen Nordstadgemengen ee regionale Bebauungsplang ausschaffen deen – wéi dir schreift – am Sënn vun der Nordstad ass, besonnisch ökologisch Aspekter berücksichtig an d'Naturschutzbestimmungen anhält. Mir sinn iwwerzeegt, dass dir dat wäert maachen. A wann äert Konzept dann och nach deene landesplanerischen an ökologische Kriterie gerecht gëtt – awer nëmmen dann – kënt dir an dësem Dossier och mat eiser Ënnerstützung rechnen.

Dass mir mat all deenen anere Projeten déi schon am Lafe sinn, averstan sinn an och voll dohanner stinn, versteet sich vum selwen, wann ee bedenkt, dass di fréier CSV-Déi Gréng-Koalitioun di meest vun deene Projeten ausgeschafft, begleet oder op d'Schinne gesat huet.

Ech wollt net op all einzelne vun deenen 30 Virschléi agoen, déi sich just mat deem üblichen an obligaten Entretien befaassen oder déi Projete beschreiwen, déi schon en voie d'exécution sinn. Erlaabt mir just – als Beispill – d'Kapitel Umwelt aus ärer Schäfferotserklärung rauszegräifen. Hei proposéiert dir – an ech zitieren:

- 1.1. Instandhaltung der Hochwasserschutzmassnahmen – dir sot et selwer, hei handelt et sich ëm deen normalen Ënnerhalt vun de Mesures anti-crues.
- 1.2. Unterhalt und Pflanzung von Obstbäumen sowie des Baumbestandes im Park und in Erholungsgebieten – och hei geet är Proposition net iwwert den üblichen Entretien raus.
- 1.3. Umgestaltung des Weiherareals in Bedigen – ee Projet vun der virichter Koalitioun deen am gaang ass ausgefuert ze ginn.
- 1.4. Fertigstellung des Energieversorgungsplanes sowie Ausbau der

Erdgas- und Fernwärmenetzes – och hei sot dir et selwer, den Energieplang, dee viru Jaren festgehal ginn ass, gëtt just ëmgesat.

- 1.5. Nachhaltige ökologische Energiegewinnung, z. B. Windenergie – dee Projet war e bëssen an de Vergiess komm, krut awer neien Opdriff no der Atomkatastroph a Japan. Komischerweis schéngt d'Solarenergie eech hei net ze iwwerzeegen.
- 1.6. Absicherung der Trinkwasserversorgung – och dat ass ee Projet deen en voie d'exécution ass. Ech erënnere just un di Erkundungsbuerungen, d'Uleeë vun engem Puits de secours an dee geplangte Bau vun enger Ring-Wasserleitung am interkommunale Verband.
- 1.7. Schmutzwassertrennung der Flossbach – och dee Projet steet a waart drop ausgefuert ze ginn.

Un dësem Beispill hutt dir gemierkt, dass net su einfach ass, d'Rad all 6 Jar rëm nei ze erfannen; ... dat muss jo och net sinn. D'CSV-Fraktioun ass op jidde Fall mat deene 7 Projeten, déi dir am Kapitel Umwelt opgefouert hutt, averstan a mir wäerten eech och tatkräftig bei äre Beméiungen an deem Beräich ënnerstützen.

Weider Projeten déi dir an ärer Schäfferotserklärung ugekënnigt hutt, déi mir prinzipiell begrëissen an déi mir och ënnerstützen, sinn di hei:

- 2.1. Verwirklichung verschiedener Lotissements u.a. Walebroch
- 2.2. Modernisierung des Stadthauses – dass dir di aktuell Versioun vun dësem Projet, déi dee virichte Schäfferot ausgeschafft huet, sou iwwerholl hutt, freet eis ganz besonnisch.
- 2.3. Umgestaltung und Sanierung der rue Alexis Heck
- 2.4. Urbanistische Aufwertung der Fussgängerzone und des Stadtkerns
- 2.5. Ausarbeitung der Umgehungstrasse für Diekirch – an dat ass mat Sécherheet dee Projet, deen d'Liewensqualität hei zu Dikrich am allermeeste wäert bestëmmen
- 2.6. Kreisverkehr Sauerwiss – rue Merten – route de Larochette
- 2.7. Verwirklichung der Zone d'activité Nordstad auf Fridhaff
- 2.8. Regionaler Bebauungsplan im Sinne der Nordstad unter Berücksichtigung ökologischer Aspekte und Einhaltung der Natur-schutzbestimmungen
- 2.9. Entwicklungskonzept für das Areal «Parking am Gruef» und das Areal «Al Seeërei»
- 2.10. Einführung von sozialen Kriterien bei den Trinkwasserpreisen – do wäert ech nach drop zrëck kommen
- 2.11. Einführung eines Gremiums zwecks Überprüfung behinderten gerechter Massnahmen
- 2.12. Schrittweise Professionalisierung und Regionalisierung der Rettungsdienste
- 2.13. Instandsetzung – an dorënner versti mir net nëmmen d'Façaden – und Ausbau der Sozialwohnungen z.B. in Zusammenarbeit mit dem Fonds de Logement
- 2.14. Aufbesserung der Einkellerungsprämien – och dorop kommen ech spéider nach ze schwätzen
- 2.15. Unterstützung unserer von Freiwilligen unentgeltlich geführten Vereine
- 2.16. Ausbau der Crèche und Schaffung einer Naturcrèche
- 2.17. Ausbau und Modernisierung der Kinderspielplätze, des Fitnessparcours und der Fussgänger- und Radfahrwege
- 2.18. Probesaal für Rock- und Popgruppen
- 2.19. Eröffnung eines Lokals für ältere Mitbürger
- 2.20. Benutzung der jetzigen Maison de Retraite «Résidence du Parc» für soziale oder pädagogische Zwecke

- 2.21. Anschaffung von halbautomatischen Defibrillatoren in öffentlichen Gebäuden
- 2.22. Aus- und Umbauarbeiten am nationalen Militärmuseum
- 2.23. Praxisorientiertes und multifunktionales Gebäude für das Conservatoire de Musique du Nord – ech kommen nach drop zrëck
- 2.24. Regionaler Kinokomplex
- 2.25. Instandsetzung der Kirche St-Laurent (al Kiirch)
- 2.26. Vermarktungskonzept der Diekircher Museen
- 2.27. Mittelfristiges Gesamtkonzept für eine kulturelle Belebung des Viertels «Al Kiirch»
- 2.28. Verwirklichung des geplanten Arals «Al Schwämm» mit nationaler Kajak- und Kanustrecke
- 2.29. Ausbau und Modernisierung der bestehenden Sportinfrastrukturen
- 2.30. Anlegen eines Mountain-Bike Parcours

Wuel verstan, ënnerstëtze mir all dës Projeten nëmme prinzipiell. Dat heescht, am Einzelfall musse mir all Projet, wann e sou wäit fäerdig ass, dass e kann am Gemengerot virgestallt an diskutéiert ginn, am Detail analyséieren an eis vergewësseren, dass en och wierklich an di richtig Richtung geet. Mir sinn z. B. prinzipiell fir ee regionale Kinokomplex, am léifsten hei zu Dikrich. Wann awer deen definitive Projet deen dir dem Gemengerot wäert op de Dësch leeën, déiselwicht technisch a finanziell Ausmoossen huet wéi dee Projet, deen dir 2005 wollt ëmsetze mat 4 Säll a 750 Plazen fir 65.000 Spectateuren am Jar, da wäerte mir dee Projet net ënnerstëtzen.

Wann ee vum ganze Package déi 30 Projeten ofrechent, déi sich just mat deem üblichen an obligaten Entretien befaassen oder déi schonn en voie d'exécution sinn, bleiwe 14 nei Projeten, also ronn een Drëttel, mat deenen dir versicht, eech vun der allgemenger Politik a speziell vum Stadentwécklungskonzept vun där virichter Majoritéit ofzegrenzen an nei Akzenter ze setzen.

Erlaabt mir déi Projeten nach eng Kéier kuerz hei opzezielen:

- 3.1. Erneuerung der Ficellesbréck -> 2
- 3.2. Einführung eines Parkleit- und Informationssystems -> 8
- 3.3. Aufrechterhaltung des schienenengebundenen öffentlichen Transports -> 9
- 3.4. Überdenkung des Circuit giratoire -> 5
- 3.5. Gegen die Bebauung von «Kréiwinkel» -> 1
- 3.6. Einführung von sozialen Kriterien beim Trinkwasserpreis -> 14
- 3.7. Einführung eines Gremiums zwecks Überprüfung behinderten gerechter Maßnahmen
- 3.8. Gemeinde-Beratungsstelle für soziale Fragen -> 10
- 3.9. Ausbau der Crèche und Schaffung einer Naturcrèche
- 3.10. Einführung einer Anlaufstelle gegen Jugendarbeitslosigkeit -> 11
- 3.11. Probesaal für Rock- und Popgruppen
- 3.12. Anschaffung halbautomatischer Defibrillatoren in öffentlichen Gebäuden
- 3.13. Mittelfristiges Gesamtkonzept für eine kulturelle Belebung des Viertels Al Kiirch -> 15
- 3.14. Anlegung eines Mountain-Bike Parcours -> 16

Wann ech vun neien Akzenter schwätzen, ass dat net ganz richtig, well vun deene 14 sougenannten neie Projekte sinn der 7, déi vru Jaren schonn eng Kéier um Dësch luchen, déi awer aus iergendenger Ursaach net konnte realiséiert ginn. Dass dir déi Projekte lo rëm aus dem Tirang huelt, ass u sech net verwerflich, et muss ee sich just froen, a wat fir engem Mooss

d'Ëmstänn sich geännert hunn an ob de Moment d'Aussichte besser sinn, fir dës Projekte kënnen ëmsetzen.

Wéi ugekënnigt wollt ech lo am 2. Deel vu mengen Ausféierunge fir d'éischt e bësse méi am Detail op deen een oder aneren neien Akzent vun där neier Majoritéit agoen, är ech zum Schluss op déi Themen ze schwätze kommen, déi mir an ärer Schäfferotserklärung vermësst hunn.

B) DETAILS

An engem éischte Block, behandle mir eng Rei vu Projeten, déi de loin oder de près mat dem Aménagement du territoire communal ze dinn hunn. Et geet Rieds vun Urbanismus an haaptsächlich vu Verkéier: Kréiwinkel, Ficellesbréck, Grousse Bypass, Circuit giratoire, Contournement Nord, Microsimulations an de «Metty», dat sinn eis Themen.

1. Dir sidd géint d'Bebauung vu Kréiwinkel an dir stitt zu gläicher Zäit voll a ganz hannert dem Avis [dee vun 2009] an der Resolitioun [déi vun 2011]. Deen Avis deen de virichte Schäfferot dem Gemengerot am September 2009 virgestallt huet, huet op eng Rei vu Problemer vum Projet «LTA op Kréiwinkel» higewisen an d'Konditiounen festgeluecht, déi mussen erfüllt sinn, är un eng Ëmsetzung vum Projet ze denken ass. D'Resolitioun vum September 2011 gesäit vir d'Résidence du Parc enger sozialer, pädagogischer oder sozialpädagogischer Nutzung zouzeféieren. Béid Dokumenter waren - an dat ass bemierkenswäert - eestëmmig vum Gemengerot ugeholl ginn. An eisen Aen ass dat een eendeitige Beweis fir d'Konsensfähigkeit vun der virichter Majoritéit, eng Qualitéit déi mir selbstverständlich och der neier Majoritéit wënschen, an dat an eise an an ärem Intressi. Keng vun deene Motiounen, weder den Avis nach d'Resolitioun, huet awer vu viran d'Realisatioun vum Projet «LTA op Kréiwinkel» condamnéiert. Et kann een also net wéi dir et maacht, zu gläicher Zäit prinzipiell géint d'Bebauung vu Kréiwinkel sinn a voll hannert dem Avis vun 2009 an der Resolitioun vun 2011 stoen. Wann een am Avis Konditiounen definéiert, déi et erlaben ze bauen - awer nëmme dann, wann se erfüllt sinn - kann een net gläichzäitig prinzipiell géint de Bau sinn. Mir kënnen eis iwwrigens och net su richtig virstellen, wéi dir wëllt an der Résidence du Parc een Internat ariichte fir d'Schüler vun LTA wann deen zu Angelduerf bei der LADUNO soll gebaut ginn.

2. D'Seeler vun der Ficellesbréck raschten an den Eiseëtong bréckelt scho seit Jaren. Trotzdem besteet de Moment keng direkt Gefor, dass d'Bréck an ee Koup fällt: Dat ass d'Resultat vun der Expertise déi ee Bureau d'ingénieurs am Opdrag vum virichte Schäfferot duerchgefouert huet. Deen aktuelle Schäfferot steet deemno haut genau virun deemselwichte Problem wi dee virichte Schäfferot am Ufank vun där letzter Mandatsperiod, wi d'Fro sich gestallt huet, ob een akute Risiko giff bestoen, dass d'Kiirch an ee Koup kéint falen, nodeems dass den 1. Mee 2005 - bei Geleeënheet vun der Oktav-Schlussprozesssioun Gipsplacken vum Plafong rofgefall waren a glécklicherweis kee Mënsch verletzt haten. D'Ficellesbréck - genau wi d'Kiirch - muss à moyen terme entweder gefléckt oder erneiert ginn. An anere Wieder: Geet et duer, fir d'Seeler ze ersetzen an eng nei Bëtongsdall ze géissen, oder baue mir aplaz vun där aler Ficellesbréck eng nei, eng ganz aner Bréck?

3. Dir hutt bei der Virstellung vun der Schäfferotserklärung gesot, d'Revalidatioun vun der Ficellesbréck misst och am Kader vun der Ubannung vum Quartier Sauerwiss un den Zentrum vun der Stad Dikrich - also och als méiglich Verbindung vun der Sauerwiss mat dem kommunale Verkéiersnetz - beliicht an diskutéiert ginn. Dass dir hei ganz deitlich eng Nutzung vun där gefléckter oder erneierter Ficellesbréck als Verkéierswee deen net nëmme fir Foussgänger an Cycliste reservéiert ass, an d'A faasst,

hutt Dir an ären Ausféierungen ënnerstrach, wi Dir gesot hutt: «... den Typ vun der Bréck muss nach definéiert ginn».

Dat ass zwar keng ganz nei, dach awer eng ganz aner Approche wéi déi vum virichte Schäfferot. Mir waren nämlich no ville Gespréicher a laangwierigen Zählungen zu der Iwwerzeegung komm, dass et kee Sënn mécht, motoriséierte Verkéier op där Plaz iwwert d'Sauer an duerch de Quartier Sauerwiss ze kéieren. De Projet «Grousse motoriséierte Bypass iwwert d'Ficellesbréck, duerch d'Sauerwiss bis op de Kreesverkéier Fielserstrooss – rue MERTEN» ass effektiv net nei, well et war ganz klar ee Bestanddeel vun deem verkéierstechnische Moossnahme-Package, deen dir zesumme mat ärem deemolige Koalitiouns-partner den Dikricher Lett am Jar 2004 virgestallt hutt an deen – wann dir eech këntt erënneren – kee su richtig konnt iwwerzeegen. Fir eis ass et deemno absolut onverständlich, firwat dir elo dee Projet rëm aus dem Tirang huet. Besonnisch wann ee bedenkt, dass äre Virschlag, motoriséierte Verkéier iwwert eng nei Ficellesbréck duerch d'Sauerwiss ze kéieren, an ärem Verständnis net direkt, oder besser, net méi direkt, am Kader vun dem Projet «LTA op Kréiwinkel» ze gesinn ass. Am Ufank ass gesot ginn: Wann d'Ackerbauschoul op Kréiwinkel këntt, kréie mir vill zousätzliche Busverkéier, an dee féiere mir iwwert d'Ficellesbréck. Lo sot dir: Mir wëllen net dass d'Ackerbauschoul op Kréiwinkel këntt, an trotzdem wëlle mir dee motoriséierte Verkéier iwwert d'Ficellesbréck, durch d'Sauerwiss féieren.

4. An deem Kontext well ech hei nach eng kéier un di Microsimulatiounen erënneren di d'Administration des Ponts et Chaussées, am Kader vun der Procédure d'autorisation vum Neibau vun der Ackerbauschull op Kréiwinkel, an op spezielle Wonsch vum virichte Schäfferot, duerchgefouert huet. Nodeems de Rechemodell mat de Resultater vun de jeeweiligen Zielungen a «Kennzeichenverfolgungen» gefiddert gi war, konnten all di sällige Virschléi déi besonnisch an där virletzter Mandatsperiod op den Dësch komm waren, op de Leescht geholl an duerchgetest ginn. Di verantwortlech Leit vu Ponts & Chaussées hunn eis bestätigt, dass keng eenzig vun all deene Léisunge vum 2004 de Verkéiersfloss an an duerch Dikrich och nëmmen eng Grimmel ka verbesseren, bien au contraire. Deen ominösen grouse Bypass iwwert d'Ficellesbréck duerch d'Sauerwiss, deen den Awunner aus der Sauerwiss sou schwéier um Mo läit an deen dir lo rëm quasi als Allheilmittel an d'Gespréich bréngt, war 2011 vun de Fachleit – a vum virichte Schäfferot – definitiv ad acta, dat heescht an den Tirang, geluecht ginn.

5. Dat wat fir d'Ficellesbréck a besonnisch fir de grouse Bypass iwwert d'Ficellesbréck duerch d'Sauerwiss géllt, géllt och fir de Circuit giratoire. De Kreesverkéier ronderëm den Alstadkär ass vläicht net mi zäitgeméiss an et ass net ausgeschloss, dass di permanent Rotatioun vum motoriséierte Verkéier ronderëm Dikrich zousätzlech Verkéier mat sich bréngt. De Circuit giratoire ass a bleift awer de Moment di mannste schlecht Léisung vun alle méiglichen Trassen.

D'Microsimulatiounen déi ech virdrunn ernimmt hunn, beweisen nämlich, dass weder 1) di Rondpointen bei der Kiirch, bei SUTTORs a bei HIERTzen Hélène, nach 2) d'Verlängerung vun der Foussgängerzon an de Gruef a bis op d'Kluuster, nach 3) d'Circulation à double sens op der Esplanade an an der rue Alexis Heck och nëmmen ee lota um Verkéiersopkommes an um Verkéiersfloss hei zu Dikrich kënnen änneren. Et mécht deemno weinich Sënn, schwéier Aarbicht an deier Suen hei fir diverser mesures d'aménagement et d'organisation de la circulation z'investéieren. Mol ofgesi vu punktuellen Upassungen, déi haaptsächlich aus Sécherheetsgrënn sollen a musse gemaach ginn, sou zum Beispill bei der Kiirch, beim Kolléisch, an der rue Alexis Heck an an der Fielserstrooss, kann also d'Organisatioun vum Verkéier hei zu Dikrich selwer net wesentlich verbessert ginn. Eis ganz

Energie, di ganz politisch Kraaft an dat ganz administrativt Gewiicht vun der Stad Dikrich an der ganzer Nordstad-Regioun sollen deemno agesat ginn, fir de Contournement Nord vun Dikrich virunzedriewen. D'Microsimulatiounen hunn och hei bewisen, dass eng Ëmgehungsstrooss, déi de Verkéier an engem grouse Bou hannelaanscht den Härebierg a ronderëm Dikrich féiert a sou den Transitverkéier aus Dikrich raushält, di eenzig verkéierstechnisch Mesure ass, déi d'Liewensqualitéit hei zu Dikrich wesentlich ka verbesseren.

6. Ech erlabe mir, Här Buergermeeschter, an dësem Kontext eng Parenthèse opzemaachen, fir kuerz op de Projet Urbanistische Aufwertung der Foussgängerzone und des Stadtkerns anzegoen. Et ass gewosst, dass d'Groussgaass – suwuel iwwert dem Buedem, wi och ënnert dem Buedem – an engem schlechten Zoustand ass an dass di ganz Foussgängerzon muss iwwerschafft an erneiert ginn. Iwwert dee Prinzip si mir eis all, déi d'Éier hunn un dësem Dësch ze setzen, mat Sécherheet eens. Ze diskutéiere bleift awer nach 1) wat fir eng Ausdehnung an 2) wat fir eng optisch a funktionell Ausrichtung di nei Foussgängerzon soll kréien an 3) wéi d'Aarbichten an den nächste fënnf bis zéng Jar – raimlich an zäitlich – sollen organiséiert ginn. Fir Neel mat Käpp ze maachen, hat de virichte Schäfferot an Zesummenaarbicht mat de Chefs de service ee Concours d'idées lancéiert a 5 Architekten gefrot, sich Gedanken ze maachen, wéi si sich géifen d'Erneuerung vun der Foussgängerzon virstellen. An deem Zesummenhang wollte mir eech froen 1) ob deen neie Schäfferot déi Consultation d'architecte weiderféiert an 2) ob schonn di eng oder aner Proposition rakomm ass.

Är ech d'Klammer vun der Groussgaass zou maachen, wëll ech awer nach eng kéier drop insistéieren, dass d'Microsimulatiounen eendeitig bewisen hunn, dass eng Erweiterung vun der Foussgängerzon bis an de Gruef – wéi dir se schonn 2004 virgeschloen hat a viru kuerzem rëm an der Press uegekënnigt hutt – katastrofal Auswierkungen op de Verkéiersfloss an Dikrich an duerch Dikrich wärt hunn. Schon alleng aus där Optik eraus, kënnen mir eech nëmmen dovun ofroden, d'Foussgängerzon bis an de Gruef ze verlängeren an de Gruef fir all motoriséierte Verkéier ze spären.

7. Wann Dir de Contournement Nord vun Dikrich gär hätt, Här Buergermeeschter, da musst Dir d'Fangere vun all deenen uegekënnigten Agrëff an di lokal Verkéiersorganisatioun wech loossen. Well d'Microsimulatiounen bewisen hunn, dass all di Moossname vum 2004 – déi dir lo rëm wëllt opwiermen – de Verkéiersfloss an an duerch Dikrich net verbessere kënnen, hunn di Verantwortlech vu Ponts et Chaussées dem Transport-Minister ze verstoe ginn – an dat ass an aller Hinsicht de fin mot vun de Microsimulatiounen – dass et nëmmen ee Mëttel gétt, de Verkéier zu Dikrich an de Grëff ze kréien, an dat ass – wéi schonn erwähnt – de Bau vun engem Contournement Nord. A prompt huet de Ministerrot de Bau vun Dikricher Contournement Nord nei agestuft a gesäit en elo als éischt Prioritéit. Wann dir eech weider op di Mesure vum 2004 behaupt a probéiert mam Kapp duerch d'Mauer ze goe fir se ëmzesetzen, dann zerstéiert dir d'Logik vum prioritären Dikricher Contournement Nord, deen doduerch op der Dringlichkeetsskala zrëckfällt an deen dann op Sankt Nimmerleinstag oder à la Saint-Glinglin wäert gebaut ginn. Dat hunn di Dikricher net verdéngt.

8. Loosse mir nach e bësse beim Verkéier bliwen: Dee fréiere Schäfferot hat och an d'A gefaasst ee Parkleit- an Informationssystem zu Dikrich z'installéieren. De Projet war allerdéngs um technischen a finanziellen Opwand gescheitert. Vlächicht ergëtt sich lo no sechs Jar eng nei technisch Alternativ déi machbar an och finanziell gangbar ass. Mir wäerten eis deem – le cas échéant – net verschléissen.

9. Fir d'Kapitel Verkéier ofzeschléissen, nach e puer Wuert zum öffentlichen Transport um Axe central. Mir kenne jo deem fréieren LSAP-Verkéisminister a fréieren CFL-Beamte Lucien LUX seng Virléift fir alles wat mat der Eisebunn an de Schinnen ze dinn huet, kënnen awer net verstoen, firwat dir als Dikricher LSAP sou eng kategorisch negativ Haltung anhuet vis-à-vis vun all Alternativ zum Zuch – oder wéi dir et nennt, zum schienengebundenen öffentlichen Transport – als Ubannung vun der Stad Dikrich un den öffentlichen Transport a Richtung Zentrum. De «Meti» huet viru kuerzem zu Metz bewisen, dass et och ouni d'Schinne geet. Onverständlich ass fir eis besonnisch, dass dir wéinst deem negativen Apriori mol net d'Resultat vun der Mobilitéits-Etude ofwaart, déi op dem Axe central lo schlussendlich dach realiséiert gëtt, nodeems de Minister LUX déi Etude bis zum Schluss vu senger Amtszäit verschleeft, fir net ze soen verhënnert, hat. Ech hätt gär deem Zuch oder ech muss den Tram hunn, ganz egal wat bei där Etude raus kënnt, ... dat ass an eisen Ae keng verantwortungsvoll Politik, weder fir ee Minister nach fir Gemengepolitiker. Souwäit zum Kapitel Urbanismus a Verkéier.

Och um soziale Plang – a mir kommen zum zweete Block – hutt dir an ärer Schäfferotserklärung eng Rei Projeten ungekënnigt, déi eis Kappzerechtes maachen: Ech schwätze vun der kommunale Beratungsstelle für soziale Fragen, vun der Beratungsstelle für Jugendarbeitslosigkeit, vun der Revalorisatioun vum Grompergeld, vum gestaffelte Waasserpräis a vum soziale Wunningsbau.

10. Grad wi bei der Schoulkommissioun, déi zousätzlich zu hirer legaler Aufgab, déi klor am Gesetz definiert ass, mat der «intégration de déficiences» beoptragt soll ginn, probéiert de Schäfferot och op dem soziale Feld sich an Aufgabeberäicher anzeméschen, déi ganz spezifisch Kompetenzen erforderen an de Moment vu Leit mat laangjärriger Berufserfahrung gewëssenhaft an efficace betreit ginn. An eisen Ae mécht et zum Beispill kee Sënn niewent dem Office social régional Nordstad een 2. Service ze schafen, eng kommunale Beratungsstelle für soziale Fragen, dee parallel leeft an deem zousätzlich an onnëtz Käschte ganz eleng zu Laaschte vun der Gemeng bedeit.

D'Multiplikatioun vun den Intervenante féiert weder zu enger Steigerung vun der Efficaciteit nach zu enger Verkierzung vun den Délaien an deenen di sozial Problemer kënne geléist ginn. Mir sinn der Meenung: Loosst déi Leit sich ëm spezifisch Problemer këmmen déi duerfir ausgebild sinn, déi duerfir kënnen an d'äer Verantwortung iwwerhuelen, déi duerfir vum Staat a vun der Nordstad bezuelt ginn an déi eben déi Aufgabe schonn seit Jarzëngten zur vollster Zefriddenheet vun alle Bedeeligten erleeiden.

Wann dir virhutt, dee Posten net mat enger qualifizierter Kraaft, enger Assistante sociale oder engem Assistant social ze besetzen, mee ee Gemeengebeamten dofir ze detachéieren oder suguer engem politischer Vertreider aus dem Gemengerot oder – nach mi schlëmm – aus enger Kommissioun deem Aufgabeberäich unzevertrauen, sinn d'Konfliktsituatiounen virprogramméiert an deenen di verschidden Intervenanten, deem ee géint deem aneren, ausgespillt ginn.

11. Mir gesinn och net direkt den Zweck vun der Beratungsstelle für Jugendarbeitslosigkeit an, déi dir an ärer Schäfferotserklärung ungekënnigt hutt. Och déi Leit, déi sich lo schonn Dag fir Dag an den Déngscht vun deene Leit – jonk oder al – stellen, déi keng Aarbicht fannen oder déi hir Aarbicht – an domat hire Gagne-pain – verluer hunn, sief dat um Arbeitsamt oder am CIGR respektiv beim Forum pour l'Emploi, maachen eng wäertvoll Aarbicht um soziale Plang.

Mir sinn der Meenung, dass si all hir Aarbicht sou gutt maachen, dass mir

eis net kënne virstellen, wéi a wou eng zousätzlich Gemengeninstanz deem Job kéint besser maachen. Suwuel di verantwortlich Gemengepolitiker am Kontext vun hirem politischer Mandat wi och eis Gemeengebeamten bei hirer aldeeglicher Aarbicht, hunn op dësem spezielle Gebitt weder di richtig Ausbildung nach di noutwendig Kompetenzen. Doniewent konnte mir eis di letzt sechs Jar am Schäfferot dovun iwwerzeegen, dass d'Beamten am Haus souvill Aarbicht mat hiren üblichen Aufgaben hunn, dass si dës zousätzlich Charge mat Sécherheet net kënnen iwwerhuelen.

Deemno misst och dësen neie Gemengeservice – wuelverstan ganz alleng zu Laaschte vun der Gemengekeess – mat enger qualifizierter Persoun besat ginn, an dat fir eng Aarbicht ze maachen, di schonn anerwärts regelméissig a gutt gemaach gëtt.

Wann dir als Schäfferot eppes géint de Chômage bei der Jugend wëllt, kënnt a sollt ënnerhuelen, dann ass dat net um Plang vun der Berodung – dat entsprécht weder ärer Missioun nach äre Kompetenzen – mee ganz eleng um Plang vun der konkreter kommunaler Beschäftigungspolitik: Gitt de jonke Chômeuren eng Aarbicht a bezuelt se dofir, dann hutt dir méi gemaach, wéi wann dir eng Persoun astellt a bezuelt, fir si ze beroden.

12. Dir wëllt d'Grompergeld revaloriséieren, ... grad wi wann dat di letzt Jaren net geschitt wär. Ech erënnere just drun, dass virun 2006, wéi dir mat ärem deemolige Koalitionspartner an der Verantwortung waart, d'Grompergeld net ugepasst gouf. Mir hu vun 2006 un een automatische Mechanismus applizéiert, no deem di verschidde Montante vum Grompergeld, dat heescht d'Plafongen, d'Primen an d'Complémenten, all Jar der Entwécklung vun den allgemenge Liewenskäschten zu Lëtzebuerg ugepasst gi sinn.

Eiser Meenung no ass dat di eenzig richtig a sozial gerecht Approche, well se previsibel a fiabel ass a well se objektiv, also onofhängig ass vu perséinlicher oder politischer Willkür. Dat wat mir bei der Prime d'encavement lo seit 2006 applizéiert hunn, kënnt in fine op dat raus, wat de Moment dach logischerweis am Gespréich ass, a lues a lues säi Wee mécht, nämlich ee sozial modulierten partiellen Index. Duerfir wäere mir frou, wann dir déi Prozedur wéi mir se bis elo applizéiert hunn, och weiderhi géift applizéieren.

13. Ech kommen an deem sozialpolitische Kontext net dolaanscht och nach eng Kéier op d'Villa CONTER zrëck ze kommen. An där letzter Gemengerotssitzung vum 16. Dezember hutt Dir Här Buergermeeschter mat Ärer Majoritéit de Projet Logements sociaux déi sollten op dem Terrain vun der Villa CONTER operéiert ginn, ofgeblosen.

Dat ass absolut onverständlich, wann ee bedenkt, dass de Minister Marco SCHANK der Stad Dikrich di üblich Subventiounen – ëmmerhi 40 % vum Terrainspräis a 70 % vum Baupräis – zougeséichert hat an dass den Deputéierte Claude HAAGEN an der Chamber bei der Debatt iwwert den Index gesot huet, dass dem negativen Impakt vun der Indexmodulatioun fir déi Leit mat klengem Revenu misst entgéintgewierkt ginn, ënner anerem doduerch, dass een zousätzlich Sozialwunnunge schafft, ... a firwat net um Terrain vun der Villa CONTER. Et ass nach net ze spéit fir ëmzedenken an eng manifest Feelentscheidung – Är éischt seit de letzte Wahlen – ze redresséieren.

14. Mir sinn och der Meenung dass ee gestaffelte Waasserpräis duerchaus Sënn mécht, an dozou ka bäidroen, di sozial Denivellementer an eiser Gesellschaft ze glätten. Och um Niveau vun der Regierung schéngt dee variable Verrechnungsmodus sich lues a lues duerchzusetzen, sou dass den Innenminister per Circulaire ministérielle d'Gemengen opge-

fuerdert huet, op dee Wee ze goen. Mir wëllen awer hei ënnersträchen, dass et an eisen Ae kee Sënn mécht, wann an deem Dossier d' Stad Dikrich virun de Won spréngt an an engem Cavalier seul Modalitéiten definéiert an applizéiert, déi im Nachhinein kuerzfristig musse redresséiert ginn, well si net mat der staatlicher Approche kompatibel sinn. Hei proposéiere mir ofzewearden bis de Ministär präzis Kriterie festleet an ee Verrechnungsmodus virschléit dee landeswäit kann ugewannt ginn.

15. Dir hutt an där letzter Gemengerotssitzung vum 16. Dezember 2011 di Konventioun déi de fréiere Schäfferot mat dem Cercle islamique ausgehandelt hat an déi d' Haus SCHROEDER an der Niklosstrooss betrëfft jo net guttgehalen an ugekënnigt, dass dir een anere Projet mat dem Haus SCHROEDER hätt. Mir huelen un, dass är Ausso sich an dat Mittelfristige(s) Gesamtkonzept für eine kulturelle Belegung des Viertels Al Kiirch aschreift, wat dir an der Schäfferotserklärung ugedeit hutt. Dir hutt et zwar net expressis verbis erwähnt, mee ech huelen un, dass dir och drun denkt, dee Plang vun engem Passage de secours vum Areal hannert der Aler Kiirch an d' Niklosstrooss rëm aus dem Tirang ze huelen. Dee fréiere Schäfferot hat duerchaus de Sënn vu sou enger Sortie de secours erkannt an hat dee Projet dem Kulturministär an der Commission des Sites et Monuments a graffen Zich virgestallt. Leider hu mir mat deem Projet bei allen Administratiounen op Granit gebass, well di zoustännig Beamten hunn eis ze verstoe ginn, dass net di geréngsten Aussicht giff bestoen, dass sou ee Projet jee kann autoriséiert ginn.

16. Ech wollt no dem sozialen an deem kulturelle Kapitel nach ee kuerzen Ausflug bei de Sport maachen. Mir zweifele kee Moment a keng Grimmel drun, dass dir de Bau vum Wier, vun der Hëlzebréck a vun der Kanuspiste oder Stade d'eaux vives bei der aler Schwämm eent zu eent wäert ëmsetzen. Doniewent schlot dir awer och nach vir, ee Mountain Bike Parcours unzeleeën. Eng ähnlech Proposition – et war deemools eng Privatinitiative – ass schon 1990 an där deemoliger Ëmweltkommissioun ganz leidenschaftlich diskutéiert – a verworf – ginn, besonnisch well d' Bedriewe vu sou enger Piste an der Seitert deemools sollt op kommerzieller Basis geschéien. Mir kënnen eis haut awer duerchaus virstellen, dass d' Gemeng eng Mountain Bike Piste – firwat net an der Seitert? – natierlich mat den noutwendigen Autorisatiounen vun deene zoustännig Ministären, uleet, selbstverständlech mat gratis Zougank zu deem Parcours fir all Sportler genausou wéi dat fir den Trimmiparcours an der Seitert och de Fall ass. De Site vun der Seitert schéngt eis duerchaus heifir geeegent, well 1) den Accès vun Ambulanz a Rettungswon muss garantéiert sinn, an 2) et sou méiglech ass, di sportlich Aktivitéiten an der Natur op engem eenzeger Site ze konzentréieren.

Fir ofzeschlësse wollt ech awer nach e puer Wierder verléieren iwwert déi Projeten an Themen déi an ärer Schäfferotserklärung net ernimmt ginn. Well et zum Deel ganz wesentlich Projete sinn, déi d' Liewensqualität vun den Awunner op där enger Säit, an d' Bild vun der Stad Dikrich no baussen op där anerer Säit, staark beaflosse kënnen, menge mir, och op déi Themen an eise Kommentaar agoen ze mussen. Zu folgenden Themen hutt dir eech net geäussert:

- 4.1. Zukunft vun der Résidence du Parc -> 17
- 4.2. Salz & Brout -> 18
- 4.3. Aarbichten bannent a baussent der Kiirch -> 19
- 4.4. Logements d'urgence -> 20
- 4.5. Centre d'archivage et de documentation régional du Nord -> 22
- 4.6. Finances -> 23
- 4.7. Reewaassertaxe -> 24
- 4.8. Baulandbeschaffung -> 25

17. Mir vermessen eng kloer Ausso vum Schäfferot zu deem neien Altersheim an der rue Alexis Heck. De Finanzement an de Bau vum neien Altersheim, d' Migratioun suwuel vum Personal wi och vun de Pensionnären huet dee virichte Schäfferot zesumme mat der Direktioun vu SERVIOR, an am Konsens mam Personal an de Gewerkschaften, bis an de letzten Detail gekläert. Ech erënneren hei un di Konventiounen di op där enger Säit mat SERVIOR an op där anerer Säit mat deene Gewerkschaften déi d' Personal vun der Résidence du Parc verrieden, ausgehandelt an am géigesäitigen Einvernehmen ënnerschriwwen goufen. Eis Fro ass di hei: Wéi wäit ass deen aktuelle Schäfferot bereet, déi Konventiounen ëmzesetzen?

An deem Kontext intresséiert eis awer och, wéi deen neie Schäfferot d' Gestiou vun där aktueller Résidence du Parc während der Iwwergangsphase bis zu der Reprise duerch SERVIOR gesäit. Et ass jo kee Geheimnis, dass, bedéngt duerch di organisatorisch Ëmstellung – besonnisch am Département des soins – déi ënner anere d' Aféierung vun der Pflegeversicherung am Jar 1999 mat sich bruecht huet, d' Stëmmung ënner dem Personal am Altersheim zur Zäit net au beau fixe ass. Wéi ëmmer, wann eppes Neies agefouert gëtt, ginn et Leit, déi dofir sinn, an et gi Leit, déi dogéint sinn, besonnisch dann, wa Privilegien pour les besoins du service mussen a Fro gestallt an zréckgeschrafft ginn. Fir d' Ëmsetzung vun där neier Aarbichtsoopdeeling, der Dokumentatioun an deem neie Verrechnungsmodus vun de Pflegeakten awer och fir d' Migratioun an dat neit Haus déi Säit der Bréck virzubereeden a propper iwwert d' Bühn ze bréngen, hat dee virichte Schäfferot extern Beroder mat enger Missioun vu Coaching suwuel fir d' Personal wi och fir d' Direktioun beoptragt.

Fir di aarbichtstechnisch Planung besser an der Grëff ze kréien, hat de Chargé de direction faisant fonction mat senger Equipe dirigeante Enn des Jars dem Schäfferot de Virschlag gemaach, d' Haus an de Pflegedienst an zwee ze deelen. Well laut dem Règlement d'ordre intérieur d' Aarbichtsplannung ganz kloer zu de Responsabilitéiten vun der Direktioun gehéiert, huet de Schäfferot säi prinzipiellen Accord zu deem Projet ginn. An deem Sënn sinn d' Aarbichtspläng an d' Congéen sou arrangéiert ginn, dass ab dem 1. Januar 2012 d' Haus hätt kënnen mat zwou getrennte Pflegeequipe funktionéieren. Dir hutt leider op déi Persounen gelauscht, deenen d' Direktioun an hir Gestiou net passt an dir hutt duerch är ungestüm, oniwierluecht a vireilig Entscheidung de Splitting vun dem Département des soins réckgängig ze maachen, d' Résidence du Parc an eng funktionell Kris manoeuvréiert. D' Konsequenz vun ärer Decisioun ass, dass d' Responsables du département des soins, déi laut dem Organigramme vum Haus, deen den 8. November 2008 vum Gemengerot gestëmmt gouf, fir d' Organisatioun vun der Aarbicht an d' Opstellung vun den Aarbichtspläng am département des soins verantwortlich sinn, hir Demissioun als Responsables de département demnächst wäerte rareeche, wann se dat bis dato nach net gemaach hunn. Ob de Schäfferot fläissig a kompetent Mataarbichter fënn, déi di néidig Ausbildung hunn an déi bereet sinn, déi Aarbicht ënner deene Voraussetzungen ze iwwerhuelen a weider ze féieren, ass – fäerten ech – éischer onwahrscheinlech.

Ech wëll op dëser Plaz op jidde Fall vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Chargé de direction faisant fonction an alle Responsables de département fir hiren onermiddlichen an exemplarischen Asaz während där schwieriger Iwwergangszäit Merci ze soen.

Dass de Schäfferot dee geplangte Splitting vun dem Pflegedienst buchstäblich fënn vir zielef zréckgepaff huet, ass dach ee flagrante Désaveu vun der aktueller Equipe dirigeante an zerstiëert dee Rest vun Autoritéit deen hinne verbliewe war. Wann ee bedenkt, dass d' Résidence du Parc Ufanks 2013 vu SERVIOR definitiv soll iwwerholl ginn, muss ee sich froen, wat de Schäfferot mat sou enger iwwerstierzter, onver-

ständlicher an onnëtzter Aktioun wollt erreechen a weem se soll profitëieren. D'Haus huet mat Sécherheet ausser Kaméidi an Zodi näischt dovun.

18. Mir haten op Initiativ vun der Sozialkommissioun an der Commission d'intégration Ufanks der letzter Mandatsperiod eng alljährlich Feierlichkeet, Salz & Brout, agefouert, fir all déi Matbierger ze begréissen, déi an deem virichte Jar op Dikrich wunne komm sinn. Dat war d'Geleeënheet fir hinne bei engem Patt an engem klengen Maufel e puer Informatiounen iwwert eis Gemeng ze ginn. Mir haten an dem Kontext zesumme mat der Agence apart extra eng Informatiouns-Brochure rausginn, déi dann och regelméissig bei Geleeënheet vun där Feier un di nei Matbierger verdeelt ginn ass. Mir wärem frou wann dir eis kéint soen, ob di nei Majoritéit wëlles huet, déi Traditioun an där Form, déi iwwigens ganz gutt bei den neie Matbierger ukomm ass, weider ze féieren?

Wann dat de Fall wär, misst dir drun denken di Brochure z'aktualiséieren an eng nei Oplo dovun drécken ze loossen. Ech menge mir hunn nach just eng Reserve vu 6 Exemplaren.

19. Mir hätten eis och gewënscht, dir hätt eng prinzipiell Ausso oder op d'mannst eng Undeutung gemaach am Zesummenhank mat den Aarbichten un der Dekanatskiirch, un där jo de Moment rëm ganz fläissig geschafft gëtt. Niewent deenen onverzichtbaren Fléck- a Stabiliséierungs-Aarbichten um Kiirchbau selwer, ass och virgesinn – an de Gemengerot hat jo schon den 20. Oktober 2010 zu dësem Projet eng prinzipiell Deliberatioun geholl – den Interieur vun der Kiirch sou ëmzebauen an anzeriichten, virun allem mat vill Faarf a vill Liicht, dass si enger zäitgerechter Liturgie ka gerecht ginn an – firwat net – sich no baussen an all Richtungen opdeet an den ökumenische Gedanken mat Liewen erfëllt.

Keng Suerg, ech hunn net wëlles an dësem Kontext nach eng Kéier op d'Detailer vun dem Projet d'aménagement intérieur anzegoen, wollt awer kuerz undeiten, dass seit där Kontroverse vun 2001 ronderëm di kapotte Schauten an de Kiirchtierm eng Rei vu Jare vergaange sinn, an dass jid-deree fir sech Waasser a säi Wäin geschott huet, sou dass d'Vertrieder vun der Kiirchefabrik an de Verhandlung mat deem virichte Schäfferot schon ugedeit haten, sich mat alle Mëttelen déi hinnen zur Verfügung stinn respektiv déi si kënnen erschléissen, fir deen Ëmbau vun der Kiirch anzusetzen. Déi Konventiounen vun der Stadt Dikrich a vum ZANO mat der Kiirchefabrik déi mir am Gemengerot hei gestëmmt hunn a stëmmen, beweisen, dass et de Membere vun der Kiirchefabrik eescht ass an dass si alles a Bewegung setze fir dee Projet ze engem gudden Enn ze féieren.

Am Dossier Dekanatskiirch leien och nach zwee Projets connexes, an zwar 1) de Bau vun enger neier Uergel an 2) d'Installatioun vun enger Solaranlage op dem Daach vun der Kiirch. Wat d'Solarenergie ugeet, wollt ech just bemerken, dass den Asaz fir ëmweltfrëndlich Energiequellen zu Dikrich Traditioun ass an dass d'Gemeng hei eng Renommée ze verteidigen huet; ech erënneren drun, dass d'Stad Dikrich eng vun den éischte Gemengen am Land war, déi sich géint de Bau vun der Atomzentral zu Remerschen gewiert an dat an enger Deliberatioun vum Gemengerot den 4. Juni 1976 festgehelt huet.

Wa mir och an Zwëschenzäit ganz erfreulich Echoe vun der Kiirchefabrik a vum Uergelbauveräin kritt hunn, dass deen aktuelle Schäfferot versécher hätt, déi Deliberatiounen vum Gemengerot ze respektëieren an d'Aarbericht baussen a bann vum der Kiirch z'ënnerstëtzen – déi

noutwendig Krediter si jo och am Budget 2012 virgesinn – sou vermësse mir dach an der Schäfferotserklärung eng kloer Ausso zu deene verschiddenen Ëmbau- an Erneierungsaarbichten un, an an op der Dekanatskiirch.

20. De Gemengerot hat den 4. Abrëll 2011 ee Contrat de location mat der Caritas approuvéiert betreffend déi Lokalitéiten am Dechensgaart laanscht d'rue Alexis Heck. Am Budget 2011 waren déi néidig Krediter scho virgesinn, fir an dëse Raimlichkeeten 1) zousätzlech Kllassesäll a Proufsäll fir de Conservatoire de Musique du Nord an 2) dräi Logements de secours anzeriichten. Virun Enn des Jars konnt dee Projet net ëmgesat ginn, well nach ee Problem vun Infiltration d'eau huet misse vum Propriétaire geklärt a behuewe ginn. Lo wou alles rëm an der Rei ass, wärem mir frou wann de Schäfferot eis kéint soen, ob dee Projet soll sou wi virgesinn ëmgesat ginn, oder – wann net – wat fir eng Alternativ de Schäfferot hei proposéiert.

21. A propos Conservatoire de Musique du Nord: Dir hutt versprach – an ech zitëieren aus der Schäfferotserklärung – ee praxisorientiertes und multifunktionales Gebäude fir de Conservatoire opzeriichten oder anzeriichten. Ech wollt drun erënneren, dass de Gemengerot den 19. Mee 2011 de Projet vun där virichter Majoritéit approuvéiert huet, dee virgesäit all d'Aktivitéiten vum Conservatoire de Musique du Nord hei zu Dikrich, op engem Site unique, an zwar an der Sauerwissenschoul, ze konzentréieren, deelweis am Bestand an deelweis an engem, respektiv an zwee neie Gebaier, d'Danzhaus an d'Haus vun der moderner Musik. Di provisorisch Zäitschinn vun deem Projet war aus budgétaire Grënn sou gestreckt ginn, dass di aktuell Gebaier vu der Sauerwissenschoul fir Schoulzwecker un den Nordstadlycée verpacht gi sinn an dass réicht ab 2016 un di konkret Ëmsetzung vum Projet ka geduecht ginn. An deem Kontext hu mir 3 Froen un de Schäfferot:

1) Gëtt nach weider un deem Projet geschafft? Dee fréiere Schäfferot hat bekanntlich de Büro Architecture & Environnement vum Jean HERR, dem Architekt vun der Sauerwissenschoul, domat chargéiert, eng detailléiert Versioun vun de Pläng auszuschaffen, déi dem Kulturministär sollte virgestallt ginn fir an de Genoss vun de staatliche Subsidien kënnen ze kommen. Sou war et op jidde Fall mam Direkter vun den Affaires culturelles, dem Här Bob KRIEPS ofgeschwat.

2) Huet deen neie Schäfferot d'Envergure, an domat d'Enveloppe financière vun deem Projet nei definéiert oder denkt heen drun, dat ze maachen? Wann dat de Fall wär, wär eiser Meenung no dee ganze Projet a Fro gestallt, well d'Gréisst vun de geplangten Infrastrukturen op di minimal Bedürfnisser vum CMN berechent ginn ass.

3) Wéi gesäit de Schäfferot an deem Kontext d'Zukunft vun dem Wirtgenschlass an där fréierer Regionalschoul, déi jo sollten als Folgeprojekt fir de Service culturel respektiv fir d'Vereiner ageriicht ginn? Gehéiert och dat zu dem Mittelfristigen Gesamtkonzept für eine kulturelle Belegung des Viertels Al Kiirch, déi dir an ärer Schäfferotserklärung ugekënnigt hutt? Mir giffen eis freeën wann dat sou wär.

22. Ech kommen dann zu engem anere Projet, deem säin Ursprung op 2005 zrëckgeet, de Centre d'archivage et de documentation régional du Nord oder CADR_N. Contre vents et marées huet de letzte Schäfferot sich duerfir agesat, deem Projet, deen – wéi dir wësst – vum Dikricher Chroniker Aloyse DAVID initiéiert gouf – eng regional, sprich Nordstad-Basis ze ginn. D'Vertrieder vun allen Nordstadgemengen hunn d'Noutwendigkeit vu sou engem Regionalarchiv duerchaus agesinn,

waren awer leider net bereet, sich un de Käschten ze bedeelegen. Nëmme d' Stad Ettelbréck war d'accord fir – wann net zu fénnef, dann eben zu zwee – sich d' Fraisen vun deem Regionalarchiv mat der Stad Dikrich a mat dem Staat ze deelen.

Den 8. Dezember 2009 hu mir am Gemengerot dee Poste vum Regionalarchivar geschaaft an am Hierscht 2011 ass déi Plaz an der Press ausgeschriwwen ginn. Ee Jury, an deem d' Stad Dikrich, d' Stad Ettelbréck an d' Nationalarchiv vertruede sinn, sollt ee Kandidat selektionéieren an dem Dikricher Gemengerot vurschloen. Dee Kandidat gëtt vun dem Dikricher Gemengerot nominéiert, bei der Stad Dikrich age stellt a schafft hallef zu Dikrich fir di Dikricher Gemeng an hallef zu Ettelbréck fir di Ettelbrécker Gemeng. Spéiderhin kann, wann dat erwünscht ass, dee Regionalarchivar vun enger Nordstadcommunität iwuerhol ginn.

Eis Fro: Wou si mir drun an deem Dossier a wéi gesäit deen neie Schäfferot d' Zukunft vum Regionalarchiv?

23. Wann ee bedenkt, dass an der Campagne électorale sich bal alles ëm d' Finanze gedréint huet – suguer Buergermeeschteren an Deputéierte vun auswäerts hu gemengt sich een Uerteel iwwert di Dikricher Gemegefinanzen erlaben ze kënnen – ass et erstaunlich an onverständlich, dass déi politisch Kraaft, déi där anscheinend schlechter Finanzlag hir absolut Majoritéit ze verdanken huet, sich an hirer Schäfferotserklärung net zu deem Dossier äussert an hire Wieler an eis net erklärt, wéi si gedenkt, aus där angeblicher Finanzkris raus ze kommen. Oder heescht dat, dass di finanziell Lag vun der Stad Dikrich guer net sou schlecht ass? Oder vläicht, dass di finanziell Lag vun der Stad Dikrich nach méi schlecht wär, wa mir di letzt sechs Jar eng aner Majoritéit gehat hätten déi d' Gemegefinanzen mat zousätzlichen Infrastrukturprojete wéi d' Erweiterung vun der Piscine, de Bau vun engem grouse Kinoskomplex mat 4 Säll a 750 Plazen fir 65.000 Visiteuren am Jar oder suguer de Bau vun engem Velodrom um Häerbiere nach méi uerg strapazéiert hätt?

24. Ech bleiwen nach e bësse bei de Finanzen: Dir waart jo all di Jaren fervent an zéi Géigner vun der Reewaassertaxe an hutt ëmmer rëm duerchblécke gelooss, dass déi Taxe sollt a misst ofgeschaaft ginn. Mir wäre frou, är aktuell Meenung zu deem Thema ze héieren a wollte wëssen, ob dir d' Reewaassertaxe ofschafft oder net.

Mir gesinn op jidde Fall net an, firwat een an dëser schwieriger Zäit, wou de Gemengen hir Finanzmëttel riskéieren ze schmëlze wéi de Botter an der Sonn, ee sollt op déi sécher Quell verzichten, besonnisch well d' Reewaassertaxe eng duerchaus gerechtfertigt Taxe ass, déi op där enger Säit dem principe pollueur-payeur, an op där anerer Säit dem Prinzip vun der kostendeckender Verrechnung vun de Gemengeservicer Rechnung dréit. Eigentlich misst di sougenannte Reewaassertaxe Versiegelungstaxe heeschen, well nëmme deen, dee säin Terrain versiegelt, d' Kanalisatioun mat Reewaasser belaauscht an och nëmme dee muss als Propriétaire déi Taxe bezuelen.

25. Dir hutt och ugekënnigt ausgewisent Bauland, wat net an engem raisonnablen Délai bebaut gëtt, op di eng oder aner Art a Weis ze belaauchten, wéi zum Beispill duerch – wéi dir et nennt – eng gezielte Erhöhung der Hebel der Grundsteuer. An dësem Kontext wollt ech drop hiweisen, dass schon virun 20 Jar an der deemoliger Ëmweltkommission d' Aféierung vun enger sougenannter Taxe de vacance diskutéiert a virgeschloen ginn ass.

Dir hätt haut di eemolig Geleeënheet, bei der Upassung vum Bebauungsplang déi Bauparzellen déi meeschtens aus reng spekulative Grënn brooch leie gelooss ginn, als Zônes à urbaniser en priorité – sougenannten ZUP – auszuweisen a mat enger Taxe de vacance ze beleen. Sou kënnen déi Infrastrukturen, déi schlussendlich d' Allgemengheet finanziert huet, rentabiliséiert ginn a braichten net méi ongenotzt ze vergammelen, sou wéi dat an der rue Edmond Jean KLEIN geschitt. Mir si gespaant, ob dir de Courage hutt, sou eng deelweis onpopulär Moosnam duerchzezéihen.

26. De Constat ass seit Jaren ëmmer deesewichten: Zu Dikrich ass d' Bauland rar – a genau duerfir ass jo deen neie regionalen transkommunale Bebauungsplang su wichtig. Mir hunn an de letzte 6 Jar ganz bewusst d' Erschléissung vu Bauland op d' Notzung vun de Baulücken innerhalb vum aktuelle Bauperimeter beschränkt. Obschonn dir an ärer Schäfferotserklärung d' Erschléisse vun neiem Bauland ukënnigt, ass et eis net baang, dass an Zukunft wi wëll kéint ronderëm Dikrich gebaut ginn. Well dir eech praktisch zanter 1980 als Gralshüter der Unbebaubarkeit von Hängen und Koppen ervirgedoen hutt, wësse mir zwar wou dir kee Bauland wëllt erschléissen, mee dir sot eis awer net, wou dann an Zukunft op Dikricher Territoire kann a soll gebaut ginn, mol vun de Baulücken an de Zônes à urbaniser en priorité ofgesinn.

Zum Schluss wollt ech nach folgendes lass ginn: An där éischter Sitzung vum Gemengerot an där neier Konstellatioun hat ech am Divers d' Geleeënheet genotzt, fir den CSV-Conseillere, déi duerch de Verdikt vum Wieler net méi am Gemengerot sinn, fir hire langjäregen an onermiddlichen Asaz fir d' Stad Dikrich an hir Awunner Merci ze soen.

Dir hutt Eech deem Merci ugeschloss, Här Buergermeeschter, an Dir hutt versprochen, bei Geleeënheet vun der Chrëscht- oder neierdëngs Personal- oder Ofschlossfeier vun 2011 deen «offizielle» Merci fir di fréier Gemege-Conseillere vun alle politische Borden nozehuelen. Gëllen Aueren hutt Dir un d' Gemegepersonal verdeelt fir 25 Jar Dingscht an der Gemeng, awer kee Wuert, Här Buergermeeschter, kee Pipgeswuert, fir 36 Jar Dingscht am Gemengerot. Eis deet dat Leed, éischters, well Dir Äert Versprechen net gehal hutt, an zweetens, well Dir dee laangjäregen fräiwëlligen politischen Asaz besonnisch am Jar vum Benevolat net sou honoréiert, wéi dat sich géif gehéieren.

Ganz zum Schluss nach eng Remarque: Et ass d' Roll vun der Opposition, der Majoritéit hire Projet de gestion communale fir di nächst sechs Jar – är Schäfferotserklärung – kritisch ze belichten. Mir hunn är Schäfferotserklärung net systematisch schlecht gemaach, mir hu versicht déi Punkten opzezielen, wou dir eiser Meenung no mat ärer Aschätzung falsch läit, ... awer net ouni hei an do di eng oder aner Suggestioun ze maachen. Mir verléiere sécher net aus den Aen, dass eist an äert Ziel de Bien-être vun der Stad Dikrich an hiren Awunner ass. Dir sot: Hauptziel ist es, die Attraktivität Diekirchs als Wohn- und Arbeitsstadt zu steigern und gleichzeitig eine hohe Lebensqualität aller Bürger zu gewährleisten. Wat d' Ziel ugeet, si mir eis sécher all eens hei um Dësch. Mee, de Wee dohin ass fir eis een anere wéi fir eech. An dach si mir bereet, wann eis Weeër sech begéinen, ee Stéck Wee zesammen ze goen an eng Hand mat unzepaken, wann dat erwünscht ass a wa mir doduerch an där richtiger Richtung virukommen.

Här Buergermeeschter, am Numm vun der CSV soen ech Eech Merci fir Är Gedold.

Paul BONERT, CSV Dikrich

STELLUNGNAM VUN DER DP DIKRICH ZUR SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG VUM 16. DEZEMBER 2011 FIR D'MANDATSPERIOD 2012-2017

Gemengerot vum 28.02.2012

D'éischt emol ass ze soen, dat d'DP Dikrich mat Satisfactioun feststellt, dat an der Oplëschung vum Schäfferot vun de prioritäre Projeten eng Reih spezifesch Ideen a Fuerderungen aus dem Wahlprogramm vun der DP Dikrich opgepickt goufe: d'Idee vun engem Parkleitsystem, d'Idee fir een eenheetlecht Vermaartungskonzept fir d'Dikricher Museen, den Ausbau an d'Moderniséierung vu Kannerspillplätzen, Foussgänger- a Radweeër, d'Professionaliséierung an d'Regionaliséierung vun de Rettungsdéngschter...

Ganz besonnësch begrëisse mir, an der Schäfferotserklärung liesen ze kënnen, dat de Schäfferot géint d'Bebauung vum Site Kréiwenkel ass. Dat géif jo dann – anischters a méi explizit ausgedréckt – heeschen, dat de Schäfferot sech géint d'Ackerbauschool op dem Gilsdorfer Plateau wäert ausschwätzen? Dat wor eng vu dene grouse Fuerderungen vun der DP Dikrich a mir versprochen an dësem Kontext dem Schäfferot eise volle Support.

Mir begrëissen och, dat d'Emgéigungsstrooss fir Dikrich als prioritär ugesi gétt a virun allem, dat de Schäfferot wëlles huet, den aktuellen Circuit giratoire zu Dikrich z'iwwerdenken. Do brauch et awer nach méi detailléierte Konzepter fir d'Verkéisersproblematik zu Dikrich nohalteg ze verbessern a mir wäerten des Efforten voll a ganz ënnerstëtzen. An dësem Kontext ass ze soen, dat den zukünftege Site vun der Ackerbauschool an der Verkéisersproblematik och eng ganz wichteg Roll spillt...

Des weideren heesche mir d'Intentioun vum Schäfferot gudd, fir d'Erschléissung vun ongenotztem Bauland, a wa mir dat richteg verstanen hunn, och d'geziilt Schléissung vu Bau-lücken weiderzedreiwten, eng weider explizit Fuerderung vun der DP während de Wahlen.

Ganz generell begrëisse mir als DP Dikrich, dat de Schäfferot wëlles hut, all zukünfteg Projeten am Kontext vun der Realisatioun op ökologesch Aspekter an ënnert Berücksichtigung vun der Nordstad z'analyseieren, zwou vu fënnef grouse Leitlinnien, déi d'DP sech virun de Wahlen fir all hir Handlungen ginn hat a weider wäert berücksichtigen.

Dann hu mir vun der DP Dikrich un der Schäfferotserklärung awer eng ganz Reih Saachen ze beanstanden.

Virun allem vermësse mir an der Schäfferotserklärung kloer Aussoen a duerchduechte Konzepter an alle Beräicher fir d'Zukunft vun eiser Stad.

Anstatt enger simpler Opzielung an Oplëschung vu net quantifizéierten Projeten, misst eng Schäfferotserklärung, an eisen Aën, ee kompakt Arbëchtsdokument sinn mat kohärente Konzepter, Orientatiounen an Zilsetzungen souwéi mat engem realistëschem Ëmsetzungskalenner fir déi nächst 6 Jar.

Virun allem misst d'Oplëschung vun de prioritäre Projeten sech op estimativ Käschten baséieren. Dëst schingt eis emsou méi wichteg an der aktueller, desaströser Lag vun den Dikricher Finanzen!

Stëchwuert „Finanzpolitik“ vermësse mir – ganz flagrant – eng Detailanalyse vun der aktueller Finanzlag a virun allem Weeër a Konzepter, wéi den aktuelle Schäfferot gedenkt d'Sanéierung vun de Finanzen unzegoen. Dat déi Detailanalyse Zäit beusprocht a vlaicht nach net zum Zäitpunkt vun der Schäfferotserklärung am Dezember konnt virleien, ka sinn, mee mir hätten eis awer an der Schäfferotserklärung vun der LSAP-Majoritéit zu deser Problematik e puer Wuert méi wéi just d'abstrakt Mentioun tëscht zwee Kommaën vun enger „Konsolidierung der Gemeindefinanzen“ erwaart. En plus, schéngt eis d'Wuertwahl „Konsolidierung“ och net ganz glécklech, well et jo ebe just net em d'Konsolidéieren, mee em d'Sanéierung vun eise Finanzen geet.

Mir vun der DP Dikrich erwaarden eis an denen nächste Wochen eng publik (well d'Bierger hunn ee Recht dorops) Expertsanalyse vun der reeller Finanzlag. Dat ass onëm-gänglech fir kënnen éierlech an objektiv ze jugéieren, wéivill Handlungsspillraum mir zu Dikrich dest Jar an die nächst Jare wäerten hunn. Et geet drëms an denen nächsten Jaren sou ze wirtschaften, dat mer net erstécken am Zréckbezuelen vun de Krediter...

Wou kënnen mer aspieren? Wou kënnen mer Käschten nohalteg erofschrauwen? Wou ass Sputt fir zukünfteg Projeten ze realiséieren, a wéivill Sputt ass do, fir wat fir eng prioritär Projeten ze realiséieren? Heizou erwaarde mir eis Äntwerten! Well all Projet, den an der Schäfferotserklärung opgefëiert ass, steet a fällt mat dem disponiblen Budget! Dofir kenne mir d'Finanzpolitik net just an engem Niewesatz oofdoen.

Doniewt verléiert d'Schäfferotserklärung kee Wuert iwwert aktiv Mesuren viir eis Stad fir nei Betreiber méi interessant ze maachen. De Beräich Commerce an Handel schénkt eis an der Schäfferotserklärung generell ze kuerz ze kommen.

Da vermësse mer an der ganzer Oplëschtung och d'Sanéierung vun enger Reih bestehender Infrastrukturen zu Dikrich, wéi zum Beispill d'Sanéierung vun der Unterführung op der Kluuster (à moins dat déi an der Oplëschtung ënnert dem Punkt „Urbanistische Aufwertung der Fussgängerzone“ abegraff ass) oder d'Astandsetzung vun Trottoiren, virun allem och d'Adaptatioun vun Trottoiren an Borduren un d'Zebrastreifen etc. Den Ënnerhalt vu bestehenden Infrastrukturen kascht och Suen a mir froen eis op een an der aktueller Finanzlag net prinzipiell besser hätt, Bestehendes rem a Stand ze setzen, ier een Neies schaaffe geet, dat grad esou käschtenintensiv ass an och rëm ënnerhal muss ginn. Mir denken do u Projeten wéi eng Mountebikespiste oder ee Rock-Sall, déi als prioritär Projeten an der Schäfferotserklärung opgelëscht ginn.

Am Beräich vun der Stadëntwécklung ass eis och opgefall dat an der Schäfferotserklärung keng Rieds méi geet iwwert den aktuelle Site vun der Brauerei, ee vun de gréissten urbanistesche Potentialer vun eiser Stad. Ee konkrete Projet läit jo um Dësch, wéi gesinn d'Pläng hei fir déi nächste Jaren aus?

Desweidere vermësse mer an der Schäfferotserklärung een Accent op d'Propretéit an d'Pfleeg vun öffentleche Plaazen an eisem gesamte Stadbild (Grussaass, Park, Spillplätzen, Bänken, Pflanzungen etc.) Do erwaarde mer eis, dat d'Gemengegestioun sou gehandhaabt gëtt, datt eist Stadbild mat Suergfalt gepflegt wäert ginn. Hei bedarf et net kostespillegen Investitiounen, mee virun allem just e besse gudde Wëllens vun alle Säiten. Stëchwuert „Ausbau a Moderni-séierung vu Kannerspillaatzen“ ass ze soen, dat scho vill geschitt wier, wann déi Spillecker déi elo do sinn, vu hiren oft deplorablem Zoustand, mol richteg a Stand gesat a regelméisseg a konsequent gewart géife ginn, virun allem och vum Sécherheitsstandpunkt aus. An ech denken do net just u publik Spillecker mee och un ee Spillschoulshaff: do feelt et u Sand, do feelt u Mulch, do feelt et u Pfleeg, do feelt et u Propretéit a do feelt ee Sonneschutz, dat alles ass net käschtenintensiv, mee et muss just een an der Gemeng sech dofir verantwortlech fillen oder verantwortlech gemaach. Hei ass d'Gemengegestioun gefuerdert!

Desweideren leien eis d'Sécherheet vu Verkéiersiwwergäng a virun allem d'Sécherheet um Schoulwee ganz spezifesch um Häerz. Och hei ka mat klengen Moossnahmen, d'Verkéiers-sécherheet erhéicht ginn, a mir hoffen dat de Schäfferot an dësem Kontext zesumme mat alle Concernéierten sech deem Problem unhëllt.

An da si mir beim läschte Punkt, dee mir an der Schäfferotserklärung vermëssen an zwar de vun enger verbesserter, geziilter Informatiounspolitik an der Transparenz alls iewescht Leitlinn vum politeschen Handeln. Während aner Stied hei am Lann zum Zil hunn „Open Data City“ ze ginn, wiere mir vun der DP Dikrich scho frou, wa mir eis als Gemengerot, op d'mannst emol de Virsaatz géife gin, eis Bierger uerdentlech an zeitnoh z'informéieren. Mir denken do zum Beispill un d'Publikatioun vun der Schäfferotserklärung um Internetsite vun der Gemeng, un déi regelméisseg zeitnoh Publikatioun vum Ordre du Jour a Compte-rendu vun de Gemengerotssetzungen um Internetsite an net just am Däiwelselter 2 mol pro Jar. Un den techneschen Outilen hänkt et net, déi si jo do..... Mir vun der DP Dikrich hunn eis op jidder Fall zum Zil ginn eis Positioun zu gréisseren Dossieren déi d'Dikricher Bierger concernéieren um Internetsite vun der DP Dikrich zougänglech ze maachen.

Oofschléissend ass ze soen, dat mir als DP Dikrich eis konkret Äntwerten op déi vun eis opgeworfe Froen erwaarden, mee och dat mir mat dem Haaptzil vum Schäfferot d'accord sinn an zesumme wëllen „d'Attraktivitéit vun Dikrich als Wunn- an Arbechtsstad steigeren an d'Liewensqualitéit vun allen Dikricher gewährleeschten“, sou wéi et am Oofschlosssaatz vun der Schäfferotserklärung heescht.

Mir, vun der DP Dikrich, wëlle kee politescht Gespills, eis geet et em eis Stad: mir wëllen eis der Verantwortung stellen an eis an denen nächste Jaren konstruktiv a mat beschem Wëssen a Gewëssen fir de Wuel vun Dikrich a senge Bierger asätzen!

Am Numm vun der DP Dikrich,
Jean-Luc MAJERUS, Conseiller
28.02.2012

STELLUNGNAHME VON DÉI GRÉNG ZUR SCHÖFFENRATSERKLÄRUNG

Die Auflistung der prioritären Projekte können déi gréng in vielen Punkten teilen da es sich meist um die Fortsetzung laufender Projekte handelt. Bei einigen Punkten haben wir aber Bedenken. Im Folgenden die wichtigsten Überlegungen dazu.

Stadtentwicklung

Nach einigem Hin und Her haben sich die Schöffenräte der Nordstadgemeinden und das Ministerium auf eine Gesamtmobilitätsstudie und daran anschließend auf eine ganze Reihe von Maßnahmen geeinigt.

In seiner Prioritätenliste, legt der Schöffenrat seinen Standpunkt fest, ohne dass die Studie überhaupt abgewartet wurde und die gemeinsamen Schlussfolgerungen auf Nordstadebene mit den Ministerien besprochen wurden.

⇒ déi gréng fordern einen baldigen Abschluss der Mobilitätsstudie und dann eine etappenweise Umsetzung auf Nordstadtebene

⇒ déi gréng bedauern, dass das neue Comité Politique Nordstad die Regionalentwicklung zur Zeit nicht so engagiert weiterführt

Umwelt

Logischerweise sichern déi gréng hier volle Unterstützung zu.

⇒ Unbedingt sollten Gemeindedächer für Solarenergie genutzt werden (Kirchendach, Schule, Al Seeërei)

Soziales, Jugend und Senioren

Der soziale Zusammenhalt ist die Herausforderung für die Zukunft schlechthin. Dieses Ziel mit den verschiedenen Einwohnerschaften von Diekirch zu erreichen ist sicher sehr komplex und bedarf weit mehr als Geldleistungen oder kompliziert gestaffelte Wasserpreise.

⇒ Das Vereinsleben und insbesondere die Jugendarbeit unterstützen und eine gute Schulpolitik sicher stellen sind entscheidende Elemente

⇒ Der Schöffenrat erwähnt das neu errichtete Alters- und Pflegeheim mit keinem Wort. Déi gréng hoffen, dass die neue Majorität dieses Projekt dennoch gewissenhaft betreut, damit der sicherlich nicht einfache Wechsel ins neue Heim reibungslos abläuft

Kultur und Sport

Ein vielseitiges kulturelles und sportliches Angebot ist die Visitenkarte der Stadt Diekirch.

⇒ déi gréng unterstützen vollends ein gemeinsames Marketing der Museen. Es bedarf insbesondere spezieller Angebote für Schulklassen.

⇒ Die Sauer ist eine wichtige Attraktion für Fahrrad, Kayak und Freizeit schlechthin

⇒ Regelmäßige Konzerte auf der neuen Bühne auf der Klustersprechen verstärkt jugendliche Kulturinteressierte an

Blockdenken vermeiden

Neben der schlichten Aufzählung, bleibt offen wie der Schöffenrat die einzelnen Projekte angehen will. Werden Details in den Kommissionen und im Gemeinderat diskutiert oder werden vollendete Tatsachen geschaffen? déi gréng hoffen, dass das alte Parteienblockdenken nicht wieder aufflammt. Wenn wir uns den schweren finanziellen, urbanistischen und sozialen Herausforderungen stellen wollen, dann müssen alle Parteien und technischen Mitarbeiter dazu beitragen.

⇒ Gute Lösungen sind gute Lösungen, egal wer sie erdacht hat!

Finanzen

Ein weitere essentielle Frage betrifft die Finanzierung der Projekte.

Wie die Zunahme des ordentlichen Überschusses über die Jahre wo déi gréng Verantwortung für die Finanzen trugen zeigt, wurden in diesen 6 Jahren die Grundvoraussetzung geschaffen für die enormen Investitionen (Schule, Sporthalle, Maison Relais, Energiezentrale, Museum, Kirche und Kirchplatz). In Zukunft muss die Schuld abgebaut werden und gleichzeitig müssen weitere große Arbeiten (Renovierung Fussgängerzone usw) angegangen werden.

Der ordentliche Überschuss lag 2010 bei 7 Mio€ und wird laut rectifié für 2011 bei 6 Mio€ liegen und erfahrungsgemäß sogar leicht darüber. Als Finanzschöffe der letzten 6 Jahre möchte ich nochmals klarstellen wie die Entwicklung in dieser Zeit war:

2005 ordentlicher Überschuss	0,4 Mio€	Mali definitif	-11 Mio€
2011 ordentlicher Überschuss	6 Mio€	Boni definitif	2,6 Mio€ (rect 2011)

Stand Schulden mit Boni/Mali definitif

2005: -18,5 Mio €

2011: -54,2 Mio €

Gesamtinvestitionen 2006-2011: 96,5 Mio €

In der Periode 2006-2011 wo déi gréng Verantwortung hatten, ist das Gesamtdefizit um 35,6 Mio € angewachsen, dies entspricht grob 1/3 der Gesamtinvestitionen im gleichen Zeitraum. Der wichtige jährliche ordentliche Überschuss hat sich mehr als verzehnfacht. Diese Entwicklung bedurfte steter Anstrengungen. Im neuen LSAP Budget 2012 schrumpft der ordentliche Überschuss bedenklich um 25% auf 4,5 Mio €.

⇒ déi gréng wollen mithelfen, dass sich die Finanzlage der Stadt Diekirch weiterhin verbessert. Wir empfehlen halbjährig eine Kostenverfolgung in der Finanzkommission.

Frank Thillen

Le Bourgmestre, les Echevins et les Conseillers communaux de la Ville de Diekirch invitent cordialement toute la population aux différentes manifestations de la

FÊTE NATIONALE 2012

MERCREDI 20 JUIN

sur la place Guillaume à partir de 10.00 heures:
PARADE MILITAIRE

VENDREDI 22 JUIN

sur la place Guillaume à partir de 19.00 heures:
GRANDE FÊTE POPULAIRE
organisée par la commission de la jeunesse, des sports et des affaires culturelles

devant le nouveau kiosque de 19.00 à 21.00 h
PRESTATIONS ARTISTIQUES avec la participation:

- du Groupe de Danse «Mosaïk» du Conservatoire du Nord
- du Groupe de Cantares de la région de Bastos
- du Groupe de Danse «Etoile du Cap Vert» de Diekirch

sur le kiosque de 21.00 à 22.00 heures:
CONCERT par la Philharmonie municipale de Diekirch

départ vers 22.30 heures du
CORTÈGE AUX FLAMBEAUX

sur la place Guillaume après le cortège:
FEU D'ARTIFICE et BAL POPULAIRE avec l'orchestre SOUND EXPRESS

SAMEDI 23 JUIN

départ au Palais de Justice à 10.15 heures du
CORTÈGE vers l'Eglise décanale

à l'Eglise décanale à 10.30 heures:
TE DEUM solennel

sur la place Guillaume à partir de 11.15 heures:
ALLOCUTION DU BOURGMESTRE DE LA VILLE DE DIEKIRCH
- apéritif offert par l'Administration communale
- animation musicale avec l'orchestre Marco Rech

OPRUFF

D'nächst Jor feiert d'Volleksfest «**Al Dikkrich**», sou wéi et zënter 1968 organiséiert get, säi 45. Gebuertsdag. Fir dës Geleeënheet plangen d'„Amis du Vieux Diekirch“ eng Retrospektive, an duerfir wir et flott, wann si méiglechst vill Fotoën an Dokumenter iwwer déi vergaange 45 Jor opdreiwé kënnen.

Natierlech ass „**Al Dikkrich**“ och schons viru 1968 gefeiert ginn, jo suguer schons virum Krich, an Témoignagen aus deenen Zäite wire natierlech virun allem interessant.

D'„Amis du Vieux Diekirch“ géifen also jiddferen, deen eppes Interessantes zu dëser Ausstellung kënn baidron, bieden, sech bei hierem Sekretär ze mellen. Schons am Viraus son si villmols Merci fir all Contributioun. Selbstverständlech geet dat zur Verfügung gestallte Material rëm u säi Propriétaire zeréck.

Kontaktadress: Ern BREUSKIN 51, Promenade de la Sûre L-9283 DIEKIRCH T 80 82 28 F 26 80 04 07 breuse@pt.lu

MUSÉE d'HISTOIRE[s] DIEKIRCH

13, rue du Curé L-9217 Diekirch


www.mhsd.lu

Heures d'ouverture:
Mardi à dimanche: 10-18 h
Lundi: fermé

MUSÉE
d'Histoire[s]
DIEKIRCH



MADSEN
SUPPORT: INBORN
07.07.2012 AT DIEKIRCH LIVE
PLACE GUILLAUME (KLUUSTER)
EINLASS: 18 UHR / EINTRITT FREI
WWW.DIEKIRCH.LU

**Exposition-jeu: LA VACHE DE MR WARHOL (23.6.-21.7.2012)**

Exposition ludique conçue et réalisée par le Musée en Herbe de Paris, "La vache de Mr Warhol" se présente en deux parties: l'une où les enfants, vêtus d'une peau de vache, se promènent au milieu de vaches interactives. La vie de ces mammifères et les produits laitiers n'auront dès lors plus de secrets pour le petit troupeau. L'autre, leur révèle la vie, les techniques et les oeuvres - dont le fameux papier peint vache - du célèbre artiste Andy Warhol.

Jeux d'observations, puzzles, déguisements et manipulations contribuent à la découverte de cette exposition. L'exposition s'adresse aussi bien aux classes de l'enseignement fondamental (cycles 2,3,4) qu'aux classes inférieures de l'enseignement secondaire.

Réservation obligatoire!

MAISON DE LA CULTURE 13 rue du Curé L-9217 Diekirch T.8087901



Le nouveau Centre Régional de la Police de Diekirch

Le nouveau Centre Régional de la Police de Diekirch regroupe les unités suivantes:

- Direction Régionale de Diekirch
- Service Régional de Recherche et d'Enquête Criminelles
- Service Régional de Police de la Route
- Service Régional de Police Spéciale
- Centre d'Intervention Principal Diekirch
- Commissariat de Proximité Diekirch

Adresse

8, rue Alexis Heck L-9242 Diekirch
Adresse postale: BP160 L-9202 Diekirch

Annuaire téléphonique

	Tél.:	(+352) 4997 8-600
	Fax:	(+352) 4997 8-699
	Tél.:	(+352) 4997 8-800
	Fax:	(+352) 4997 8-899
	Tél.:	(+352) 4997 8-700
	Fax:	(+352) 4997 8-799
	Tél.:	(+352) 4997 8-900
	Fax:	(+352) 4997 8-999
	Tél.:	(+352) 4997 8-500
	Fax:	(+352) 4997 8-599
	Tél.:	(+352) 4997 8-200
	Fax:	(+352) 4997 8-299



MAO
STIONE



2